



Sprooch léieren

Wa mir un d'Léiere vun enger Sprooch denken, **da si mir natierlech direkt an der Schoul a gläich mat der Nues a Bicher, bei Vokabelen, Verben, Zäitformen a Grammaire**; sou wéi d'Lëtzebuenger Schoulkanner a Stodente bei d'Franséisch oder d'Englescht geféiert ginn. Fir d'Däischicht läit d'Saach anescht, well dat als pur germaneschen Idiom – deelweis ee Gléck, ower leider ze dacks – direkt bei eiser Sprooch läit... Hei spillt déi sougenannt Didaktik déi wichtegst Roll. D'meescht iwwersprange mir an dësem Komplex d'Gedanken, datt all Sprooch op NATIERLECH Fassong fir den ‚normale‘ Gebrauch an de Kapp geet! Mä d'Fassong, de Wee ännert.

Mir denken net drun, datt mir **den Tounfall vun eiser éischer Sprooch** am Bäichelche vun der Mamma an d'Gespréich vun all deene rondrem ewell matkréien, iert mir op der Welt sinn. Hu mir déi néng Méint ‚normal dobanne gepackt‘, da kommen eis Oueren ‚direkt‘ an d'Spill; lues a lues fannen a gi mir op déi Lauter eng Bedeitung; d'éischt eesilbeg; stéckerchesweis komme Sazdeeler an da kleng Sätz an déi Babbelereien... et ass e richtegt Wonner! Eent vun de schéinsten Erliefnesser, déi Elteren a Grousseltere kënnen hunn. Stellt iech emol nëmmen een Ament d'Entwécklung vun engem Puppelchen an engem sproocheidle Raum vir, eng fräächlech Grujel!

Wa mir dee Gedankegank méi wäit ginn, da kucke mir ‚Sproochléiere‘ vläicht emol anescht wéi iwwer Schoul a Buch, dat heescht: **iwwer gewéinlech Sproochpraxis**. An dann denke mir drun, datt et ouni eng Sprooch ‚lieweg‘ ze gebrauchen eng Schmot ass. Genee dee Problem hunn déi Leit ower, déi bei äis kommen: Mir zéien si mat eisem Sproochwëssen an **eng Situatioun, wou si leider vis-à-vis vum Lëtzebuergesche ‚bestrooft‘ ginn**. Hunn si wëlles hei wunnen ze bleiwen an hir Kënnercher wuessen hei op a maachen hirt Liewen bei äis, dann ass et eng hiermiddeg Nolëissegkeet, wann hei an de ‚Crêchen‘, de ‚Maisons Relais‘... an de Spillchoulen eng aner Sprooch geschwat gëtt wéi déi vum Land! Hei gëtt net nëmmen un d'Franséisch geduecht; och un all déi aner Sproochen, déi an deene ‚Butzen-In- Stitutiounen‘ géint all Verstand gebraucht ginn; vu pädagogeschen Iwwerleeungen net emol ze schwätzen. Äre Schreiwier hat als Papp vun enger ‚Hickecht‘, als theoretisch a praktesch ‚gezappte‘ Schoulmann a joerelaange Praktikant fir ‚Ausländercoursen‘ d'Méiglechkeet fir ze wësse wouvun hie schreift.

Haut kënnen mir dankbar sinn, datt eise Staat dee ganze Problem offiziell mat Coursen, Zenter fir eis Sprooch an esouguer als Unisfach an d'Hand gehol huet; datt fachmëssig ausgebildete Leit sech ëm d'Sprooch vum Land bekëmmern an dat Ganzt weiderentwéckelen. Eis Situatioun u sech ass eenzeg. Da mussen d'Léisungen och dorop agestallt ginn/sinn. Mir vun der **ACTIOUN-Lëtzebuergesch-Eis Sprooch** hunn elo déi 50 Joer vun eiser Aarbecht an deem Sënn an am Allgemenge gefeiert. Dat soll, nodeem d'Lëtzebuergesch och nach an d'Grundgesetz vum Grand-Duché gesat gëtt, natierlech op alle ‚Stroossen, Pied a Stee‘ esou weidergoen!

Denke mir drun?

All Theorie a ‚Gemëlter‘ iwwer a fir eis Sprooch huet natierlech säi Gutts, fir si méi fest op hire Bengercher ze maachen/halen... virun allem, wann dat Ganzt iwwer déi ‚nëmmen‘ Schreifweis erausgeet. Wichteg ass besonnesch, datt d'EXISTENZ vun eisem Idiom op all Fassong an eng viischt Fënster gestallt gëtt; datt mir souzesoen ëmmer erëm **drun erënneren a weisen, datt d'Lëtzebuergesch säin eegent (klengt) Liewe féiert**. Dofir krut dir hei an eiser KLACK gesot, et kimmen eng Partie Méint laang Honnerten an **Honner-te Beispiller, fir en ‚A sou?!-Erliewnes‘**, déi ee sech vläicht kënn hannert de Spigel stiechen, oder esouguer selwer an aner Sproochen iwwersetzen... Iwwerdenkt emol ‚Saache‘ wéi déi hei:

D'Ketty huet nach eng déck BITZ do leien, mä hatt BITZT net gär - hei guff ewell laang net méi gebotzt, well do hänke SPAWECKEN - et soll een déi Erënnerung AN DER RIICHT halen - mäi Monni hat mech ferm ERWIEDERT.

Op dës Manéier schenkt äis de Mil GOERES 2022 e wonnerbart Wierk!

vum Lex Roth



E Gedicht vum Jeannine Theis-Kauth

Dat Aalt (2021)

*Aalt Joer, du hues dech lo gehuween.
Waart net drop, datt mär dech vill luewen,
vläicht och nach léif a frëndlech laachen,
wann s du dech aus dem Stëbs wëlls maachen.
Mer kënnen dir net merci soen,
well du has nëmme Suerg a Ploen
duerch d'Welt un d'Mënschen auszedeelen,
hues gutt gediicht, keen ze verfeelen,
an datt jo jiddreen eppes kritt,
wéi ee sou seet: seng giedleg Britt.*

*Mä weider wëll ech net méi hetzen,
fir hei nach méi vun där ze schwätzen.
Du weess bestëmmt dach well Bescheed:
äis deet et all fir dech net Leed;
deng Zäit ass nun mol gutt verflunn;
ee Gléck, datt mir d'Neit Jeerchen hunn!*

Dat Neit (2022)

*Du Neit Joer looss dech hei begrëssen:
Mer géifen dech an d'Ärem schlëissen,
wier dat eng Saach vu Méiglechkeet.
Ma well dat iewer guer net geet,
do gleewe mer gär dass déi Zäit,
wou jo elo just nei virun äis läit,
rëm villes bréngt, wat mir vermëssen,
an datt mer äis nees duerfe këssen,
wa mir dann lo äis léiwe Mënschen
fir dat Neit Jeerche Guddes wënschen.*

*Du Neit Joer bréngs dat nees an d'Rei,
wat alles lo op Äerden hei
äis d'Liewen dës Zäit schwéier mécht;
wat dese Virus hei verbrécht,
deen nëmme sicht bei äis ze bleiwen,
wou mir e wëllen all verdreiwen.
Neit Joer, mir sinn dees Glawe voll:
duerch dech geet alles wéi et soll.
Bréng du äis dach rëm Freed um Liewen,
datt mir de Kapp nees kënnen hiewen
a frou zefridde Mënsche ginn,
déi sech all duerchernee verstinn,
egal vu wou an och wéivill,
all d'Mënschen... wéi eng grouss Famill.*



Fir ze iwwersetzen:

- Elo geet et déck duer.
- Hal mat deem Kabes op!
- D'Lis ass eng verklaapte Quisel.
- Ass dat nach dran, du Sabbeler!
- Déi dem Kënni e Sabbelduch un.
- Déi dech net aus, iers de dech tässels.
- Beim Batty gëtt et geschméicheg Mäifel.
- Maach dir e Rondel Zoossiss op d'Kuscht.
- Begladder dech net beim lessen.
- Ech hunn eng Gloscht/Gladder op Ham.
- Elo kriss du geschwënn eng op d'Gladder!
- D'Virsch ass eng vermengten Satz.
- De Mett ass e verbruete Geck.
- D'Pëpp huet eng mat der Broutschéiss.
- De Misch ass e queesche Klatzkapp.
- Den Ali ass zu botzaasch eraus verzillt.
- D'Gab huet se net all beieneen.
- De Gast ass net riicht eraus.
- Kniwwel däi Gezei net esou.
- Wat knätzelt deen dann alt dorëmmer?